esch

Zesummen fir méi Bewegung bei eise Kanner!



BEWEGUNG

ENTWÉCKLUNG

FREED

ZESUMMENHALT

# RÉFÉRENT Sportif

MAISON RELAIS - VILLE D'ESCH

*Bewegen. Entdecken. Zesummen wuessen.*

## MICK

**Éducateur diplômé**

Pédagogie des activités socio-sportives (D4)

Ech hunn meng Ausbildung am **LTPES** zum Éducateur diplômé mat der Spezialisierung ' „Pédagogie des activitës socio-sportives" (D4) ofgeschloss. Doduerch verbannen ech pädagogesch Aarbecht mat Bewegung a Sport.

Mäi Haaptschwéierpunkt läit op der Förderung vu Motorik, Koordinatioun, Gläichgewiicht a Kierperwahrnehmung. Dobäi well ech de Kanner virun allem Freed un der Bewegung vermëttelen an si an hirer perséinlecher a sozialer Entwécklung ënnerstëtzen.

## ELIAS

**Éducateur diplômé (D1)**
**Préparateur en motricité**

Ech hunn meng Ausbildung am **LTPES** zum Éducateur diplômé (D1) ofgeschloss, déi mir pädagogesch a sozial Grundlagen fir d'Aarbecht mat Kanner vermëttelt huet.

Zousätzlech verfüge ech iwwer eng Lizenz als Préparateur en motricité, duerch déi ech meng pädagogesch Kenntnisser am Beräich vun der motorëscher Entwécklung a Bewegungsförderung vu Kanner vertieft konnt.
Als Référent sportif verbanne ech dës pädagogesch a sportlech Kenntnisser mat Bewegung a Sport, fir d'Kanner an hirer motorrescher, sozialer a perséinlecher Entwécklung ze begleeden.

## WAT MAACHE MIR ?

**Mir plangen a begleeden ofwiesslungsräich Beweegungs- a Sportoffer fir d'Kanner.**
Dobäi geet et net em sportlech Leeschtung, mee virun allem ëm Freed un der Bewegung, nei Erfahrungen an engerséinlech Entwécklung.

**Motorik a Koordinatioun**

**Gläichgewicht a Kierperwahmehmung**

**Selbstvertrauen a Selbstsännegkeet**

**Teamfäegkeet a sozial Kompetenzen**

Mir berécksichtegen déi **individuell Fäegkeeten a Besoinen** vun all Kand, sou datt all Kanner op hirem eegene Niveau deeleheule kënnen.

## RESPEKT & FAIRNESS

Respekt, Fairness, géigesäiteg Ënnerstëtzung a Zesummenhalt si wichteg Bestanddeeler vun eiser Aarbecht.
D'Kanner sollen léieren, matenee ze spillen, Récksicht opennen ze huelen, d'Reegelen ze respektéieren an sech géigesäiteg z'ënnerstëtzen.
Eis Zil ass et, e sicheren a positiven Kader ze schaffen, an deem sech all Kand wuel fillt, Freed un der Bewegung entwéckelt an eege Erfollegerliewesser sammlele kann.

## EIS SPROOCHEN

Lëtzebuergesch · Deutsch · Franséisch · Englesch

Bei Froen oder Interesse un eisen Aktivitéten kennt Dir eis ëmmer **gär uspriechen!**